

"Schallümmo"

Zwou Geschichten aus dem Guy Rewenig séngem neiste Kannerbuch

Am September '93 kënnt dem Guy Rewenig säin neit Kannerbuch "Schallümmo" op de Bichermaart. No "Muschkilusch" (5. Oplo) an "Zebra Tscherrri" (4. Oplo) as et dat drëtt a lescht Buch mat Geschichten vum Kätt: déi 39 Geschichten aus "Schallümmo" schléissen also eng Trilogi of, déi e ganz neien Dréi an d'Lëtzebuerger Kannerlitteratur bruecht huet.

"Schallümmo" kënnt eraus am Veralg "Op der Lay" an as illustréiert vum Renée Weber. Amplaz vill Wierder iwwert dat neit Buch ze verléieren, schloë mir eise Lieser zwou Geschichten "an avant-première" vir. Wien da Loscht huet, weiderzeliesen, ka "Schallümo" am September op der Oeko-Foire um "forum"-Stand kafen, zum Suskriptiounspräis a mat engem "Kreepche" vum Otör....

Béibizitta

Dräimol an der Woch sin ech Béibizitta.

Bei der Madamm Proffy. Well si ni Zäit huet, brauch si e Béibizitta.

"Béibizitta?" laacht de Panzi. "Wat as dat schon nees? hei schwätzen d'Leit awer vläit e Kabes a leschter Zäit! Lauter där friemer Wierder huele s'an de Monn. Et ka bal kee méi Lëtztebutchesch schwätzen. Dobei as Lëtztebutchesch dach eis Sprooch!"

"Lëtzebuergesch", seet mäi Papp.

"Wat?" mécht de Panzi.

"Et heescht Lëtzebuergesch an nët Lëtztebutchesch!" seet näi Papp.

"Dat as dach egal!" seet de Panz. "Wat kann ech dann dofir, datt ech fréier en Auslänner war? Brommelbock as mäi Familjennumm. Ech sin eben e Preiss. Jhust mäi Virnumm as lëtztebutchesch. Panzi. E richtig schéinen, echte lëtztebutcheschen Numm!"

"Dajee alt!" grommelt mäi Papp.

"Elo weess ech awer ëmmer nach nët, wat e Béibizitta as", mengt de Panzi.

"E Béibizitta as een, deen op e Béibi oppasst", son ech.

"E Béibi?" laacht den Panzi. "Firwat brauche mir dann do sou en amerikanescht Wuert? Et gët dach och e lëtztebutcheschen Numm fir 'Béibi'!"


"Méi wéi een!" rífft mäi Papp. "Zum Beispill klenge Wuerm. Oder Mammekënni."

"A Boxeschësser!" laacht de Panzi. "A Kutschendäb-

bes! A Wöndelestrullert! A Sukellutsch!"
 "Oder Faschtekulles!" rífft mäi Papp. "Oder Sprudelmailchen! Oder Bläärzatz!"
 "Ech si Béibizitta bei engem Däiwelskand", son ech.
 "Elo hal awer op!" son déi zwee Männer erfieiert.
 "Dach, 't as wouer", son ech. "D'Madam Proffy seet
 emmer: eist Susi as en Däiwelskand. Dat mécht eis
 nach alleguer geckeg. An et huet eréischt dräi Joer."
 "An du muss op sou eng rosen Nuddel oppassen?"
 wonnert séch de Panzi.
 "Ech muss dat Kand erzéien", son ech. "Hatt as
 nämlech villzevill verwinnt gin, wéi et kleng war.
 Wéi et nach an der Wéi louch, hun d'Tattaën an
 d'Monniën hatt emmer nämme gekëddelt a getriw-
 welt, geheemelt a gekusst. An déi hu vläit Saachen
 geschwat! Dillidillidillidäppi! Oh! Oh! Tënni, Tënni,
 namm Banann a maa nana! Tschubbi tschubbi
 tschubbi tschupp! A wou läit dann eisen Dickidacki-
 duckelchen? A wéi kuckt dann eise Glotzimotzisch-
 nuckelchen? Ah! Ah! Rammelibammeli! Duggeli-
 dugg! Nëmnen däer's! Wou soll e Kand nët geckeg
 gi vu sou engem topege Gespréich?"
 "An haut huet dat arëmt Kand e Fuerz am Kapp", seet
 de Panzi ganz besuergt.
 "Séng Mamm nennt hatt scho guer nët méi Susi", son
 ech. "Nëmnen nach Suss. Dat as méi einfach. Da ka
 si hatt besser vernennen. Suss, du Guss! Suss, 't as
 Schluss!"
 "An da follegt dat Kënnchen?" freet mäi Papp.
 "A wouhir!" son ech. "Da fällt hatt sénger Mamm em
 den Hals, rífft "Suss gët Kuss!" an dréckt der Madam
 Proffy mat séngem schockelasverschmierte Mond
 eng déck, pecheg, leefeg, schmorribrong Bees richt
 op de Bak! Da flucht séng Mamm: Deebaakel! Dee-
 baakel! Elo as mäi ganze Méik App nees futsch! An
 ech hun zwou Stonne gebraucht, fir mäi schéine Méik
 App fäerdeg ze kréien! Nän, wat en Däiwelskand!"
 "An du wëlls deen uerge Wippchen do erzéien?" freet
 de Panzi. "Mengs de dann, du wärs anescht wéi
 d'Madam Proffy?"
 "Ma sécher!" son ech. "Ech hun dach dee Méik App
 am Gesiicht!"

Mäi Kätt, däi Kätt

"Ech hätt onbedéngt gär e Kand vun dir!" seet d'Liddi
 zu méngem Papp a pëtzt hien an d'Nues.
 Mäi Papp as esou erfieiert, datt den Zigarettendamp
 him zu den Oueren erauskënt.
 "E Kand?" deet hie Kreesch. "Wou kënns de dann
 duerop? E Kand as dach eppes Onkammoutes!
 Emmer läit et der an de Féiss. An et kann mol kee
 Krawatteknuet maachen!"
 "E Krawatteknuet?" laacht d'Liddi. "Dat Kand, dat
 ech gär vun dir hätt, brauch kee Krawatteknuet
 maachen ze kënnen. Dat Kand brauch nëmnen e
 Kand ze sin."
 "Ech kann dir nëmnen ofrode vun engem Kand!"
 seet mäi Papp a bäisst vun Oprengung a séng Zigarett.
 "Stell der mol vir, dat Kand kënnt op d'Welt an huet
 e laange Baart! E meterlaangen, gekrauselten, ver-
 wurrelten, schassgieel Baart!"
 "Dat mécht mir guer näischt aus", seet d'Liddi.
 "Oh pass nëmnen op!" seet mäi Papp. "Haut
 kommen déi gelungenst Kanner op d'Welt. De Panzi
 huet mer vun engem Baby verzielt, dee séng Mamm
 an d'Spullmaschinn gestach huet!"
 "Sou e staarkt Kand hätt ech och gär vun dir, Toni!"



rífft d'Liddi.

"An en anere Baby huet schon an der Wéi déck Zigare
 geflutscht!" seet mäi Papp. "All zweeten Dag hun
 d'Pompjée misse kommen. Dat as dach kee Liewen,
 sou eppes!"

"Wann eist d'Kand och esou as, baus de him einfach
 e groussen Äschebecher an d'Wéi" laacht d'Liddi.

"Hal dach nëmnen op!" rífft mäi Papp. "Ech schud-
 dere méch schon, wann ech nëmnen drun denken!"

"Wann's du wat denks?" freet d'Liddi.

"Wat sou e Kand alles zum Onwee mache kann!" seet
 mäi Papp. "Et stëppelt mat der Forschett an der elek-
 trescher Steckdous. Et frësst mäi Raséierschaum am
 Buedzëmmer. Et schéisst mat méng Schlappen op
 de Kanarienvillchen."

"Mir hun dach guer kee Kanarienvillchen", laacht
 d'Liddi.

"Da schéisst et ebe mat de Schlappen op d'Auer an
 der Stuff!" seet nääi Papp. "D'Grujhele gi mer aus! Déi
 deier Auer iwwert dem Büffee!"

"Dat mécht mir guer näischt aus", seet d'Liddi. "E
 Kand as e Kand. Et léiert schon nach, datt et nët mat
 de Schlappen op d'Auer schéisst soll."

Mäi Papp fänkt séch eng frësch Zigarett un a sengt
 séch mam Fixspoun den Daum.

"Uuutsch! Dat pëffert!" quiitscht hien. "An iwwre-
 gens: mir hun dach schon e Kand! Do sëtzt et! Eist
 Kätt!"

"Ah nän, dat as däi Kand!" seet d'Liddi.

"Wat mäint as, soll och däint sin", seet mäi Papp. "Elo
 as et eist Kand."

"Wat?" ruffen ech dertëscht. "Ech si kengem säi
 Kand! Däint nët, Toni Musch, an däint nët, Liddi
 Busch! Ech sin d'Kätt an ech gehéiere kengem!"

"Gesäis de, Toni!" seet d'Liddi. "Wann ech kee Kand
 vun dir kréien, hun ech iwwerhaupt kee Kand. Ech
 hätt onbedéngt gär e Kand vun dir, léiwen Toni!"

"Wees du, wat haut eng Wéi kascht?" rífft mäi Papp.

Romain Lenertz
 in: Kolibri Kolibra

"Haut muss de Millionär sin, fir der eng Wéi ze leschten! Sou räich sin ech leider nët!"

"Dem Liddi säi Kand brauch keng Wéi", son ech.
"Hatt ka bei mir am Bett schlofen."

Rupps! huet mäi Papp séng Zigarett ofgeschléckt.

"Dat geet jo gutt un!" houscht hin. "Elo hun ech mer wéinst déngem Kand schon den Hals verbrannt, an déi Niddelchen as nach guer nët op der Welt!"

Guy Rewenig